

– poursuivre son engagement dans le cadre de la mission civile de l'Union européenne en Arménie (EUMA) et de prolonger celui-ci si demande en est faite par les autorités arméniennes ;

– soutenir l'établissement par l'Union européenne du nouveau programme de partenariat UE-Arménie afin de renforcer la coopération entre l'UE et l'Arménie dans toutes ses dimensions ;

– s'engager au sein du Conseil pour que l'UE assume davantage le rôle de médiateur dans le conflit entre l'Arménie et l'Azerbaïdjan afin de mener à bien le processus de paix ;

– s'engager en faveur de la normalisation complète des relations diplomatiques entre les pays de la région, notamment entre l'Arménie et l'Azerbaïdjan ;

– encourager l'Arménie et l'Azerbaïdjan à poursuivre la résolution pacifique de tous les différends, en particulier la délimitation et la démarcation des sections restantes de la frontière ;

– exiger de Bakou de libérer immédiatement tous les prisonniers de guerre arméniens et de fournir des informations sur des centaines de personnes d'origine arménienne disparues ;

– s'engager pour approfondir les relations économiques bilatérales et de l'Union européenne avec l'Arménie dans les domaines du commerce, de l'investissement, de la science et de l'éducation ;

– s'engager à tous les niveaux pour une normalisation des relations entre la Turquie et l'Arménie ;

– poursuivre le renforcement des liens diplomatiques et économiques entre le Luxembourg et l'Arménie.

(s.) Gusty Graas, Marc Baum, François Bausch, Sven Clement, Yves Cruchten, Christophe Hansen.

**M. Claude Wiseler**, Président | Villmools merci, Här Graas. Da stelle mer déi duerno zur Diskussioun. Merci.

### 3. Dépôt d'une motion par M. François Bausch

Dann hunn ech och nach eng Wuertmeldung vum Här Bausch. Dir kritt ganz gär d'Wuert, Här Bausch.

#### Exposé

**M. François Bausch** (déi gréng), auteur | Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech wollt et och ganz kuerz maachen. Mir haten de Moien eng insgesamt – bis op eng Ausnam – ganz konstruktiv Diskussioun an der Kommissioun, der Jointe iwwer Cattenom ..., an datt déi nächst zwee nächst Joer decisiv géinge ginn, fir datt mer do juristeschen an och wëssenschaftlech virginn, fir datt Cattenom net verlängert gëtt, well dat jo fir Lëtzebuerg eng existenziell Fro ass.

Et ass och esou, datt de Moien ausser enger Partei quasi all Partei der Meinung war, datt een dat soll maachen, datt d'Regierung sech soll esou Moyene ginn. Ech hunn esou eng Motioun gemaach. Si ass elo ënnerschriwwen vum deene Gréngen, der LSAP, deene Lénken an de Piraten, mee och ginn dervun aus, datt d'Majoritéitskolleegen – ech hat elo nach keng Zäit, se hinne virzeleeën – déi normalerweis och misste kënnen matdroen an ënnerschreiwen, well se de Moien och déi nämmelech Meinung haten. Ech wëll Iech se emol deposéieren an da kënnen mer nach kucken, ob si se och nach wëllen ënnerschreiwen.

#### Motion

« relative à la prolongation de la durée de vie au-delà de 40 ans de la centrale de Cattenom »

La Chambre des Députés,

– vu l'accord de coalition 2023-2028 et l'engagement du Gouvernement d'intervenir auprès des autorités françaises pour obtenir la fermeture des centrales nucléaires à risque, dont notamment le site de Cattenom ;

– considérant la politique anti-nucléaire du Luxembourg sur la scène européenne et mondiale depuis des décennies et considérant l'énergie nucléaire comme une technologie vieille, chère, non renouvelable, aux déchets extrêmement problématiques et dont les dangers énormes sont non maîtrisables ;

– vu le lancement d'une concertation publique en janvier 2024 sur les dispositions de sûreté proposées par EDF pour poursuivre l'exploitation de ses réacteurs nucléaires de 1300 mégawatts électriques (MWe) au-delà des 40 ans de vie, respectivement en vue du 4<sup>e</sup> réexamen périodique des réacteurs visés, dont ceux de la centrale de Cattenom, située à moins de 10 km de la frontière luxembourgeoise ;

– rappelant l'accident nucléaire de Tchernobyl, en 1986, qui a démontré que même des pays lointains comme le Luxembourg, pourtant situé à 1.700 km, peuvent être impactés en cas d'accident grave et qu'un accident grave à proximité immédiate entraînerait non seulement de lourdes conséquences pour notre population, mais constitue une menace pour notre souveraineté, voire pour l'existence du pays ;

– rappelant que le réacteur 1 de Cattenom atteindra la limite de sa durée de vie initiale, soit 40 ans, en 2026 et que le risque associé aux installations nucléaires augmente aussi bien avec le nombre de réacteurs en opération qu'avec l'âge d'exploitation ;

– rappelant que les réacteurs vieillissants se basent sur des concepts de sûreté datant du début des années 1970 avec des exigences moins élevées qu'aujourd'hui ainsi qu'une protection insuffisante des installations contre les événements naturels ainsi que contre les accidents liés à la civilisation (attaques terroristes ou chutes d'avion) ;

– rappelant que le Luxembourg s'est donné en 2020, en prévision d'éventuels accidents nucléaires mêmes mineurs, un régime légal en matière de réparation des dommages causés par un accident nucléaire impactant notre territoire et notre population ;

– rappelant qu'un grave accident nucléaire à proximité du Luxembourg aurait de lourdes conséquences pour notre population et serait une menace directe pour la souveraineté nationale, voire l'existence du pays ;

– soulignant les réunions annuelles de la Commission mixte franco-luxembourgeoise de la sécurité nucléaire permettant aux autorités luxembourgeoises de faire le point avec les autorités françaises, en présence de l'entreprise EDF, sur les développements récents intervenus dans les domaines de la sûreté nucléaire et de la radioprotection ;

– rappelant la représentation luxembourgeoise dans le Comité local d'information (CLI) de Cattenom et les dialogues techniques avec l'Association nationale des comités et commissions locales d'information (ANCLLI) ;

– rappelant le succès du rôle significatif et des actions concrètes du Land de Baden-Württemberg dans les efforts de fermeture de la centrale nucléaire de Fessenheim en France, mis hors service en 2020,

invite le Gouvernement à

– s'opposer clairement auprès des autorités françaises contre une prolongation de la durée de vie de la centrale nucléaire de Cattenom « à risque » proche de nos frontières ;

– formuler, en collaboration avec des experts, un avis critique et détaillé dans le cadre du processus de la

consultation publique susmentionnée et à intervenir auprès de la Commission mixte franco-luxembourgeoise de la sécurité nucléaire ;

– continuer de faire part, lors des contacts bilatéraux avec les pays voisins, de nos préoccupations par rapport aux déficiences constatées dans les réacteurs nucléaires, et du danger que constituent ces centrales pour le Grand-Duché ;

– informer la Chambre des Députés des démarches entreprises ou prévues par le Gouvernement concernant la fermeture rapide de la centrale nucléaire de Cattenom.

(s.) François Bausch, Marc Baum, Franz Fayot, Marc Goergen.

**M. Claude Wiseler**, Président | Da kucke mer dat. Villmools merci, Här Bausch.

### 4. 8259 – Projet de loi modifiant :

1<sup>o</sup> le Code de la sécurité sociale ;

2<sup>o</sup> le Code du travail ;

3<sup>o</sup> la loi modifiée du 30 juillet 1960 concernant la création d'un fonds national de solidarité ;

4<sup>o</sup> la loi modifiée du 28 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes légaux de pension ;

5<sup>o</sup> la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ;

6<sup>o</sup> la loi modifiée du 30 avril 2004 autorisant le Fonds national de solidarité à participer aux prix des prestations fournies dans le cadre de l'accueil aux personnes admises dans un centre intégré pour personnes âgées, une maison de soins ou un autre établissement médico-social assurant un accueil de jour et de nuit ;

7<sup>o</sup> la loi modifiée du 18 décembre 2009 organisant l'aide sociale, aux fins de déterminer la procédure devant les juridictions en matière de sécurité sociale

An da komme mer zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtten. Dat ass de Projet de loi 8259 iwwert d'Prozedur virun de Gerichter a Saache Sozialversécherung. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Dat heescht, d'Rapportrice huet 10 Minutten, déi jeeweileg Fraktiounen a Sensibilitéite 5 Minutten, d'Regierung 10 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Carole Hartmann, den Här Mars Di Bartolomeo, den Här Jeff Engelen, den Här François Bausch an den Här Sven Clement. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Françoise Kemp. Madamm Kemp.

#### Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

**Mme Françoise Kemp** (CSV), rapportrice | Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, et ass mir haut eng grouss Éier a Freed, fir dierfen als Rapportrice de Projet de loi 8259 ze presentéieren.

An dësem Gesetzesprojet geet et ëm d'Bestëmmungen iwwert d'gerichtlech Prozeduren am Domän vun der Sécurité sociale. En huet als Objectif, fir d'Dispositionen ze modifizéieren an ze completéieren vum de Prozedure virum Conseil arbitral de la sécurité sociale, virum Conseil supérieur de la sécurité sociale an d'Adaptatioun vun de Renvoien. Notamment geet et drëms, den Artikel 454 ze modifizéieren an ze completéieren, deen d'Recours virum de Juridictionen am Beräich vun der Sécurité sociale reegelt. Dëse Projet de loi hieft dat modifizéiert Gesetz vum 24. Dezember 1993 op, dat virdrun déi ze befolgend Prozedure virum Conseil supérieur an

dem Conseil arbitral vun der Sécurité sociale reglementéiert huet, souwéi d'Delaïen an d'Fraisen.

Dëse Projet de loi decouléiert aus enger Question préjudicielle vum Conseil arbitral de la sécurité sociale iwwert d'Verfassungskonformitéit vum Artikel 455 éischten Alinea vum Code de la sécurité sociale. D'Cour constitutionnelle huet de 25. November 2022 an engem Arrêt festgehalen, datt dësen Abschnitt de Prinzip vum der Réserve de la loi violéiert. Nämlech kënnen déi essentiel Elementer vun der Prozedur vun de Juridictions sociales net an engem Règlement grand-ducal festgehal ginn, mee müssen an engem Gesetz définéiert ginn.

Dëse Projet de loi gouf den 29. Juni 2023 deposéiert an ass den 13. Juli 2023 der Kommissioun virgestallt ginn. De 27. Mäerz 2024 sinn ech Rapportrice genannt ginn.

Léif Kollegeinnen, Léif Kollegeen, d'Santés- a Sécurité-sociales-Kommissioun krut zu dësem Gesetzesprojekt fénnef Avisen an zwee Avis complémentaires eran. Den Avis vun der Chambre des Métiers vum 31. Juli 2023 begreësst d'Erhéijung vun dem Delai am Recours juridictionnel vu 40 Deeg fir d'Assuréeen, déi am Ausland wunnen, an ënnersträicht, datt et keng supplémentär Delaie fir e Recours administratif soll ginn, fir d'Gläichheet virun dem Gesetz ze garantéieren.

Am Avis vun der Chambre de Commerce vum 4. August 2023 souwéi am Avis complémentaire vum 2. Februar 2024 approvéeiert si de Projet de loi an huet keng besonnesch Remarken ze formuléieren.

Den Avis vum Conseil d'État vum 24. Oktober 2023 huet eng Rei Ajustementer suggeréiert am Sënn vun der Kohärenz, Kloeerheet a juristescher Konformitéit vun dësem Gesetzestext. A sengem Avis complémentaire vum 12. Mäerz 2024 huet de Staatsrot den Amendement gouvernemental zu der Simplification vun der Procédure de notification vun der Decisioun ënnert d'Lupp geholl an huet e puer Ajustementer proposéiert.

Den Avis vun der Cour supérieure de justice formuléiert eng Rei Observatiounen a proposéiert eng Rei vu Modifikatiounen.

D'Chambre des Salariés ënnersträicht d'Wichtigkeet vum Assessorat bei der Deliberatioun vun den Affären an hirem Avis vum 24. Abrëll 2024 a recommandéiert eng Mise en place vun enger spezifescher Formatioun. D'Remarke vun der Chambre des Salariés an der Cour supérieure de justice sinn net materagefloss wéinst der Urgence vun dësem Dossier, mee si gi bei enger nächster Ännerung matconsideréiert.

Elo bleift mir just nach ze ënnersträichen, datt dës Reform en Effet rétroactif op den 8. Dezember 2022 huet aus Grënn vun der Rechtssécherheet.

Fir weider Detailen verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport an déi verschidden Avisen, déi virleien. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vu menger Fraktioun.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Ech soen der Rapportrice villmools Merci fir hire schrëftlechen a fir hire mündleche Rapport.

An déi éischt ageschriwwen Riednerin ass dann d'Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann.

**Discussion générale**

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Merci, Här President. Hei ass, wéi d'Rapportrice et gesot huet, effektiv op Basis vun enger Question préjudicielle eng Rei Adaptatiounen gemaach ginn. Dës Adaptatiounen, déi sinn am Sënn och vun där méi grousser Reform vun eiser

Procédure civile, déi gemaach ginn ass, fir d'Prozeduren ze vereinfachen a fir och méi effikass ze ginn, wat generell d'Gerichtsprozeduren ugeet.

Mir hunn am Kader vun der Kommissioun awer och méi generell kuerz iwwert d'Prozedur virum Conseil arbitral geschwat, dem Conseil arbitral, dee vill saisiéiert gëtt a wou ganz, ganz vill Leit a Situatiounen sinn, wou se dach Prozeduren hunn, déi ganz problematesch fir si sinn – ech denken un de Reclassement, ech denken awer och u Prozeduren ëm den RMG, bref, Saachen, déi d'Leit direkt befaassen –, wou d'Prozedur ganz, ganz laang sinn, wat fir d'Leit trotzdeem wierklech eppes ass, wat se immens affektéiert.

An ech mengen, dass mer parallel zu dëser Reform – mir hunn och iwwer aner Reforme geschwat, déi vläicht nach musse kommen – och weider musse kucken, dass mer och déi Prozedur virum Conseil arbitral verbesseren, dass mer se och verkierzen, well et eeben hei och ëm Saache geet, déi d'Leit direkt betreffen, well et gëtt aktuell awer Delaïen, déi heiansdo bis zu zwee Joer laang sinn, bis een an eng Sitzung kënn. An dorunner musse mer och an Zukunft schaffen.

Bei dësem Projet ass alles gesot an ech géif dozou den Accord vun der DP-Fraktioun ginn. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci Madamm Hartmann. Dann ass d'Wuert fir den Här Mars Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Merci, Här President. Merci fir dee gutt verständleche Rapport vun der Diddelenger Rapportrice. De Projet ass vun dem Virgänger vun der jëtzege Sozialministerin, dem Claude Haagen, deponéiert ginn an e wäert erëm fir déi noutwenneg Rechtssécherheet, wat d'Prozedur bei de Geriichtbarkeeten vun der Sécurité sociale ugeet, suergen. Dat ass gutt esou an et ass och gutt, dass mer d'Retroaktivitéit festgehalen hunn, fir dass net eng nei Onsécherheet entsteet.

Dat gesot, mengen ech, kéint een direkt den Accord vun eiser Fraktioun ginn, deen ech och ginn.

Ech hu just nach drop higewisen, dass déi Iwwerleeungen, déi d'Chambre des Salariés gemaach huet, ganz berechtigt sinn. D'Chambre des Salariés huet gespuert, dass den Assessorat kéint a Fro gestallt ginn. Dat wär dee falsche Wee, well d'Assesseeur si Leit, déi wou Terrain kommen an déi och ganz vill Versteesdemech hu fir déi eenzel Situatiounen, déi sech kënnen presentéieren. An dofir soll een den Assessorat, d'Assesseeuren, net a Fro stellen, mee am Contraire, sou wéi d'Chambre des Salariés dat proposéiert, eng speziell Formatioun oder eng weider Formatioun vun den Assesseeuren ubidden.

Dat gesot, mengen ech, bräicht ech näischt bäizefügen, ausser dass d'LSAP dee Projet wäert – wéi géif mäi Virgänger douewe soen? – mat ganz grousser Freed stëmmen.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Di Bartolomeo. Dann ass d'Wuert fir den Här Jeff Engelen.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Et geet am Fong geholl hei ëm den Transfert vun engem Règlement grand-ducal an e Gesetz, dëst op Initiativ vun der Cour constitutionnelle. Et ass alles gesot. Ech mengen, mir hunn deem näischt bäizefügen, an ech ginn den Accord vun der ADR zu dësem Gesetzesprojekt. Merci, net ouni awer virdrun och der Madamm Françoise Kemp fir hire Rapport Merci gesot ze hunn.

**M. Claude Wiseler**, Président | Dat ass scho geschitt. Merci, Här Engelen. Här Bausch.

**M. François Bausch** (déi gréng) | Jo, Här President, ech wollt menger Nopesch Merci soe fir dee gudde Rapport a soen, datt mir dat Ganz matstëmmen.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Bausch. Här Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegeen, ech versprechen, ech maachen et kuerz. Nichtsdestotrotz ass de gréissten Deel vun deem Text hei jo scho bekannt gewiescht. Et ass awer eng kleng Ännerung dran, déi eis als Piraten awer e bëssen opgefall ass an déi och de Staatsrot nach eng Kéier ervirgehuewen huet. An dat ass, datt u sech d'Méiglechkeeten, fir sech virum CSSS vertrie-den ze loosser, geännert ginn.

Sou war et virdrun esou, datt ee sech vun engem Familljemember oder engem Gewerkschaftler vertriee konnt loosser respektiv begleede konnt loosser. An déi Ännerungen, déi mer elo haut stëmmen, wäerten dat ofschafen. Déi maachen u sech, datt et just nach, wann ee sech wëll begleede loosser respektiv vertriee loosser, muss en Affekt sinn. Do gëtt et Argumenter derfir, virun allem prozeduraler Natur, well mer eis jo hei elo och alignéieren, mee et féiert awer derzou, datt mer u sech elo hei d'Leit virun e Choix stellen, entweder ze bezuelen, fir sech vertriee-den ze loosser, oder et selwer ze maachen.

A mir Piraten stinn hei awer ganz kloer fir de fräie Choix, wat dat ugeet. All Bierger a Biergerin muss d'Méiglechkeet hunn, fir sech an allen Instanzen u sech selwer hei kënnen ze vertriee an och selwer Kloe kënnen ze féieren, wann ee sech dat dann zoutraut. A mir gesinn – an do huet d'Press rezent nach driwwer rapportéiert – um Friddensgericht, wat fir Imbalancen et ka ginn, wann do op eemol déi eng Säit sech anescht vertritt wéi déi aner.

Mir Piraten hätten eis hei dofir gewënscht, datt u sech déi Méiglechkeet, fir sech och zum Beispill vu senger Gewerkschaft, ouni datt dat muss en Affekt sinn, vertriee-den ze loosser, bäibehale gi wär.

Dat gesot, Här President – ech hat versprochen, ech géif et kuerz maachen –, gi mer trotz deem enge Bemoll hei awer eis Zoustëmmung, fir datt mer dat Ganz erëm verfassungskonform kënnen maachen an datt mer hei u sech déi Prozeduren net weider behënnere, och wann den Text net ganz deem entsprécht, wat mer eis géife wënschen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Clement. An dann huet den Här Baum nach d'Wuert gefrot.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Villmools merci, Här President. Mir wäerten dee Projet hei och matstëmmen. Et gëtt eng Urgence, wat d'Verfassungskonformitéit vun dësem Text ugeet. Nawell ass et an den Avisen – an d'Rapportrice ass drop agaangen – e bëssen zu enger Ausernanersetzong komm iwwert d'Roll vum Assessorat. Op där enger Säit d'Cour de justice, déi déi eigentlech wëll méi schwach gesinn, an op där anerer Säit d'Salariatskummer, déi ganz staark insistéiert an eeben och nach – zu Recht och, mengen ech – freet, datt déi Assesseeuren och d'Méiglechkeet hunn, sech weiderzebilden, sech auszebilden an domadder och e gewëssene Rapport de force kënnen duerstellen.

D'Madamm Rapportrice huet virdru gesot, datt all deene Bemierkungen, déi an den Avisa gemaach gi sinn, an engem zukünftege Projet soll Rechnung gedroe ginn. Elo ass et awer esou, an dat ass eng Fro un d'Madame Minister, datt dat, wat d'Cour de justice seet, an dat, wat d'Salariatskummer seet, diametral



opposéiert sinn. An duerfir froen ech mech, wéi Der do d'Quadratur vum Krees wëllt hikréie respektiv wéi Är Haltung zu där Fro vum Assessorat ass.

Villmools merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Baum. Da wär d'Lëscht vun de Riedner ofgeschloss, mee ech hunn nach eng zousätzlech Wuertmeldung. D'Madamm Hartmann.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Jo, merci, Här President. Ech wollt just kuerz op dat reagéieren, wat de Sven Clement gesot huet, well ech wëll net, dass dat falsch verstane gëtt. Et ass net esou, dass een an éischter Instanz, wann ee virun de Conseil arbitral geet, sech muss vun engem Affekot vertrieede loos-sen. Dir hutt gesot „CSSS“. Dat versteet vläicht net jid-dereen dobaussen, mee déi Prozedur ass virgesinn, wann een en Appell mécht. An ech wëll dat awer preziséieren, well domadder u sech och en Alignement gemaach gëtt, wéi d'Procédure d'appel och virun de Juridictions civiles ass. Dat heescht net, dass een als Justiciabel ëmmer muss en Affekot hunn, fir virun déi Juridictions sociales ze goen. Dat konnt een an Är Interventioun falsch verstoen an duerfir war et mer wichteg, dat hei richtegzestellen.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Hartmann. Domat ass dann d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner ofgeschloss.

An dann huet d'Regierung d'Wuert. Madamm Ministesch.

#### Prise de position du Gouvernement

**Mme Martine Deprez**, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale | Jo, merci. Ech maachen et gradesou kuerz. Merci der Rapporteuse. De Rapport war esou komplett. A mam Zousaz vun der Madamm Hartmann ass alles gesot, ausser d'Äntwert op déi Fro vum Här Baum, wéi mir dann als Regierung dozou stinn, wann deen een Avis dat eent seet, deen aneren dat anert. Ma ganz kuerz: Well déi eeben net concordant waren a well eng Urgence am Dossier war, hu mer eis dozou nach keng Meenung gebilt a wiere frou, wann deen Dossier elo mol haut esou géif gestëmmt ginn. A mir huelen dat mat an eis Iwwerleeungen era respektiv muss ech nach mat deenen zwou Parteie schwätzen, fir ze kucken, firwat déi eng dat eent soen an déi aner dat anert soen, an ze probéieren, se op eng Linn ze kréien.

Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Ministesch. Domat wär dann d'Diskussioun ofgeschloss.

Éier mer zum Vott kommen, erënneren ech Iech wéi ëmmer drun, dass Der Iech sollt aloggen an dat elo maachen, falls dat nach net geschitt wär.

Da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8259. Den Text steet am Document parlementaire 8259<sup>10</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 8259 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vote ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmme. Domat ass dëse Projet mat 60 Jo-Stëmme ugehooll.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies (par M. Laurent Mosar), Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz (par Mme Diane Adehm), Charel Weiler,

Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. André Bauler), Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener (par M. Georges Engel), M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenet (par M. Dan Biancalana) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos (par M. Tom Weidig) et M. Tom Weidig ;

MM. François Bausch, Meris Sehic, Mmes Sam Tanson (par Mme Joëlle Welfring) et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori (par M. Sven Clement) ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

### 5. Motion de M. Sven Clement relative à l'ajout d'une rubrique « Objectifs à valeur constitutionnelle » sur la fiche d'évaluation d'impact

(Motion déposée en séance publique n° 39 du 9 mars 2022 – à consulter dans l'Édition spéciale sur la proposition de révision de la Constitution n° 7755 concernant les droits et libertés en page 13)

An da komme mer elo zum zweete Punkt vun eise Ordre du jour, an zwar enger Motioun vum Här Sven Clement iwwert d'Äfuge vun enger Rubrick „Objectifs à valeur constitutionnelle“ op de Fiches d'évaluation. Den Auteur huet 5 Minutten, all Fraktioun huet och 5 Minutten, d'Sensibilitäten hunn 2 Minutten an d'Regierung huet 10 Minutten. Et hu sech schon ageschriwwen: den Här Zeimet, den Här Keup an den Här Sehic. An dann huet den Här Clement als Auteur vun der Motioun d'Wuert.

#### Exposé

**M. Sven Clement** (Piraten), auteur | Merci, Här President. Ech kann et ganz kuerz maachen. Als Éischt emol wollt ech der ganzer Kommissioun Merci soen, déi hei ganz konstruktiv dru geschafft huet. Ech mengen, mir kënnen herno dann och ... Mir sinn zu engem Konsentext komm vun dëser Motioun. Dofir sinn ech frou, dass mer deen haut nach eng Kéier kënnen ganz kuerz virstellen.

Et geet drëm, dass mer u sech eng nei Verfassung gestëmmt hunn d'lescht Joer an dass déi a Kraaft getrueden ass an dass mer domadder elo „Des objectifs à valeur constitutionnelle“ an d'Verfassung ageschriwwen hunn an eis awer guer keng Prozedur ginn hunn, wéi déi am gesetzgeberesche Ver-fare géife materialiséiert ginn. An dat war e bëssen d'Suerg, déi mer haten. Mir stëmme hei eppes. Mir schafen eppes Guddes. Mir soen, mir wëllen eis fir eng ganz Rëtsch Valeuren asetzen, mee mir ginn eis net de Moyen als Chamber, fir dat dann och iergend-wou ze materialiséieren.

An dunn hate mer deemools eng Motioun abuecht, en éischten Draft, deen herno an der Kommissioun

och iwwerschaft gouf mam Zil, dass mer op der Fiche d'évaluation d'impact, déi fir all Gesetzesprojet souwi-sou muss geschriwwen ginn an ausgefüllt ginn, géifen eng Kategorie „Objectifs à valeur constitutionnelle“ bäisetzen, wou mer eebe géifen dat materialiséieren, wou den Auteur vun de Gesetzesprojete weise kann, wéi eng Staatsziler hei da betraff wäeren.

An dat ass, mengen ech, dat, wat dës Motioun elo ausseet a wou mer elo och eng Formulatioun fonnt hunn, wéi dat net zu engem Pabeierkrich wäert féieren, awer gläichzäiteg, wéi ech gesot hunn, materialiséiert, dass déi Staatsziler dann och bei all Gesetzesprojet zumindest eng Kéier gekuckt ginn.

An dofir nach eng Kéier e grouss Merci un d'Kommissiounsmemberen, déi hei wierklech an engem ganz oppenen Esprit matgeschafft hunn. An ech freeë mech, dass mer déi haut kënnen zur Ofstëmmung bréngen. Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Clement.

Dann ass d'Wuert fir den Här Laurent Zeimet. Här Zeimet.

#### Discussion générale

**M. Laurent Zeimet** (CSV) | Merci, Här President. Jo, wéi den Här Clement et elo selwer gesot huet: Mir hu seng Motioun, déi nach an der leschter Legis-laturperiod agereecht gouf, an der Kommissioun diskutéiert. Mir ware skeptesch, wat déi initial For-mulatioun ugaangen ass, well mer gefaart hunn, dass dat awer vill Opwand bedeite géif, wann elo bei all Gesetzesprojet misst nach fir d'Éischt en Aufsatz geschriwwen ginn, wéi eng Verfassungsziler dann elo géifen domadder verfolge ginn. An dofir hu mer dann dee Konsens fonnt, dass mer op Casé géife goen, wou dann nëmme nach muss ugekräzt ginn, wat, mengen ech, awer och eng Simplification admi-nistrative wier.

Ech weess net, wéi intensiv mer alleguerten déi Fiche-d'impacten an deemno wéi den Nohaltegkeetscheck ëmmer studéieren, mee bon, deen Outil gëtt et an asouwäit kann dat hei dann och nach eng Plus-value ginn.

Fir de Rescht wësse mer natierlech alleguerten, dass dat ëmmer eng politesch Interpretatioun wäert sinn. Ech gi jo mol dervun aus, dass de Paquet Logement, dee mer dës Woch gestëmmt hunn, da bestëmmt ugekräzt gi wier vun der Regierung. Ech ka mer awer virstellen, dass en Deel vum Haus dat aneschtens ge-sinn hätt. An deem Sënn bleift et eng politesch Dis-kussioun an Interpretatioun, mee mir kënnen awer mat dëser Proposition, wéi se vun der Kommissioun elo ugeholl gouf, liewen.

Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Zeimet. Dann huet d'Madamm Bofferding d'Wuert gefrot.

**Mme Taina Bofferding** (LSAP) | Jo, merci, Här President. Mir wäerten deem hei och zoustëmmen. Bon, d'LSAP war fierderféierend bei der Revisioun vun der Constitutioun a steet natierlech hannert deene Staatsziler. An ech mengen, deemools gouf et jo eng grouss Émfro ënnert der Populatioun, fir kënnen nach Theeme mat eranzeginn. Dat heescht, déi Objektivier si jo och opgrond vun där Émfro do entstanen. Dat bedeit, dass déi Ziler, déi Sujeten, Theeme sinn, déi d'Leit dobaussen interesséieren. Ech mengen, dass ass e Grond méi, fir deen Exercice hei ze maachen, fir déi Ajoute ze maachen.

An ausserdeem – den Här Zeimet huet et grad gesot – ass et eng politesch Interpretatioun. Bon, mir si elo an der Oppositioun an dat heite géif eis natier-lech hëllefen, wa mer elo der Regierung mussen op